**Familljenierwen oprechterhalen zu Lëtzebuerg – eng kuerz Aleedung a Recommandatiounen**

Wéi een sech op déi erfollegräich Crowdsourcing-Campagne vum WARLUX-Team iwwert Bréiwer, Tagebicher, Zwangsrekrutéierung an den Zweete Weltkrich baséiert huet, ass festgestallt ginn, dass nach ganz vill weider Dokumenter an de Kelleren a Späicher gelagert waren, déi onbedéngt oprechterhale misste ginn.

Et ginn etlech Méiglechkeeten:

Eng Méiglechkeet ass, eng digital Kopie vum Material z'erstellen, fir et laangfristeg ze sécheren an et liicht zougänglech ze maachen. Dobäi ass et wichteg, dass en séchert Späicheren a Backups garantéiert sinn.

Oder Dir versuergt d'Dokumenter bei Iech doheem:

## 1. D'Erhalen vun de Familljendokumenter am private Kader

*Allgemeng Hiweiser fir d'Lageren:*

Et gëtt recommandéiert, d'Dokumenter an d'Pabeier net ze knécken a wa méiglech Bürosklameren, Agraffen a Schnellhefter oder Classeure mat Metalleinlagen ewechzemaachen, well dës mat der Zäit raschten an d'Pabeier beschiedegt kéint ginn. Et ass och wichteg, d'Dokumenter reegelméisseg z'iwwerpréiwen a wann néideg emzelageren, fir ze garantéieren, dass se net vun der Fiichtegkeet oder vun anere schiedlechen Ëmweltaflëss betraff ginn. Andeems Dir dës Precautiounsmesuren huelt, kënnt Dir garantéieren, dass Är Pabeier gutt geschützt sinn a se fir zukünfteg Generatioune vun Ärer Famill erhale bleiwen.

*Bréiwer, Tagebicher*

Et ass wichteg, Enveloppen ze versuergen, wa se nach existéieren, well se wäertvoll Informatiounen iwwert den Datum, d'Versandsuert an den Empfänger enthale kënnen. Dës Informatioune kënne bei der Identifizéierung oder der Recherche vun Dokumenter hëllefräich sinn. Wa méiglech, soll opgepasst ginn, dass d'Tënt vun der Schrëft op den Enveloppen net op d'Pabeier iwwerdroen gëtt. Et gëtt recommandéiert d'Enveloppen an engem geséchertem Uert ze versuergen, z.B. an engem Tirang oder an engem Classeur.

*Zeitungen:*

Vill Familljе versuerge lauter Zeitungsartikelen, ënnert anerem Doudes- oder Hochzäitsannoncen a Këschten. Allerdéngs sinn dës Dokumenter oft net datéiert a ginn warscheinlech net un, wou den Artikel fonnt gouf. Wann et méiglech ass, da füügt den Datum an de Kontext bäi.

*Fotoen:*

Wann Dir d'Fotoe laangfristeg erhale wëllt oder wann se iergendwann en Deel vun enger Archivsammlung kënne ginn, dann ass et besser Dir schreift net direkt op de Recto oder de Verso vun der Foto. Amplaz sollt Dir eng Karteikaart an d'Poschette mat der Foto leeën, op där d'Persoune benannt an de Kontext ugi sinn. Alternativ kënne saierfräi Stëfter benotzt ginn.

Fotoalbumen aus den 1970er an 1980er Joren, déi mat ofzéibare Plastikfolie versi sinn, si besonnesch problematesch. Dës Bicher kënnen e pechege Réckstand hannerloossen an d'Gasen, déi vun de faarwege Fotoe fräigesat ginn, afänken. Et ass besser d'Fotoen a Bicher mat Poschetten, déi op sinn, fir dass d'Gasen austriede kënnen, ze konservéieren.

Eng drëtt Méiglechkeet ass, d'Material un e passend Archiv ze spenden, dat sech ëm d'Erhalen an d'Accessibilitéit këmmere kann.

## 2. D’Iwwergab un national Institutiounen

Wann Dir dorunner denkt, d’Material un e Musée oder en Archiv ze spenden, da sollt Dir d'Institutioun direkt kontaktéieren. Éier Dir en Don envisagéiert, sollt Dir op hirer Websäit no hirer Politik kucken oder se kontaktéieren a nofroen. Informéiert Iech iwwert Archiven an Ärer Gemeng oder an der Géigend, oder kontaktéiert zum Beispill d'Nationalarchiven oder de *Centre National de la Littérature*, souwéi Muséeë wéi de *Musée National de la Résistance*.

Adressen:

**Archives Nationales du Luxembourg**

Plateau du Saint Esprit

L-1475 Luxembourg

Telefon: 247-86660

E-Mail: Archives.nationales@an.etat.lu

Internet: http://www.anlux.lu

**Centre National de la Littérature**

2, Rue Emmanuel Servais,

L-7565 Mersch

Telefon: 326955-1

E-Mail: cnl@cnl.etat.lu

Internet: http://www.cnl.public.lu/

**Musée National de la Résistance et des Droits Humains**

Place de la Résistance

L-4041 Esch-sur-Alzette

Telefon: 54 84 72

E-Mail: info@mnr.lu

Internet: https://mnr.lu